159

D'JONGEN VUN GORODOK                                        Letzeburg, den 1. Mai 1983

LE'W KOMERODEN VUN GORODOK,        de 16. = 83

Den 25ten Mai waren et 40 Jô'er dat mir bei d'Preisen agezun gou'wen. Mir wöllen eis dé Dag, op eiser 16ter Journée, un all gefâlen, vermössten an gestue'rwen Komeroden erönneren, an awer och an der aâler Komerodschaft zesummen kommen.

PROGRAMM VUN DER 16ter JOURNEE:

<u>TREFFPUNKT:</u> Samsdeg, den 25ten Juni 1983, 10.30 - 10.45 Auer um Parking bei den aâle Kasären zu Letzeburg, wo' den Auto den ganzen Dâg stô'e bleiwe kann.

<u>MASS:</u> 11.00 Auer an der Kathedral.

<u>BLUMEN:</u> 11.45 Auer ne'erléen vun enger Gerbe beim Nationalmonument um Kano'nenhiewel.

<u>MOETTEGIE'SSEN:</u> 12.45 Auer am Restaurant "Académie" (Place d'Armes) um 1. Stack.

<u>MENU:</u> Quiche Lorraine
Lapin, nouilles, pommes vapeur
Coupe Maison
Preis: 650 Frang

<u>NOMOETTES:</u> <u>16.00 Auer ganz exact</u>: Visite guidée am Staatsmusée um Föschmârt. Mir gesin we' eis Gro'os- an Urgro'oselteren sengerzeit gelie'wt an gewunnt hun.

<u>OFSCHLOSS:</u> Ge'nt 19.00 Auer zu Dummeldeng vis-à-vis vun der Gare, Restaurant "La Fourchette". Et gött Hâm mat Fritten an Zalot. Preis: 320 Frang.

Komeroden, eis Frâen gin och eröm matt.

HEI OFTRENNEN AN ZERECKSCHECKEN VIRUM 14ten JUNI 1983
Ech muss we'nst <u>den Guiden am Musée d'Umeldung ganz fre'</u> zereckhun.

Restaurant
l'Académie
Place d'Armes 11
Luxembourg-ville    Tél. 271-31
Cuisine Réputée
En saison : nos moules Incomparables.
Manger à toute heure.
Propr. Familles Ackermann et Willemssen











Sameschdes
de 25. Juni
83



as



de
Kanounenhîwel

Fir
di
Gorodoker

